NEU

15.12.2020



D'Pescht

Autor: Albert Camus | Übersetzer: Lex Roth
Format: 21 x 14,8 x 2 cm | Einband: Softcover
Seiten: 288
Sprache: Luxemburgisch
ISBN: 978-2-919792-01-6 | Preis: 18,50 €

Lëtzebuergesch Versioun:

D'Stad Oran gëtt vu rätselméissegen Evenementer erdréckt. D'Rate kommen aus de Kanäl a ginn an de Stroosse futti. Net laang duerno stierwen déi éischt Mënsche mat engem hannerlëschtege Féiwer: D'Pescht roost an der Stad. Oran gëtt hermetesch zougespaart. Fortkommen ass net méiglech. Dem Albert Camus säi Roman mat deem meeschte Succès gehéiert bei d'Klassiker vun der Weltliteratur. Doranner sezéiert hien déi mënschlech Reaktioun vis-à-vis vun enger Katastroph mat kloerem Bléck.

„Den Albert Camus iert sech net an sengem Roman. Den Drama, dat sinn net déi, déi duerch d'hënnescht Dier op de Kierfecht entwëschen – a fir déi d'Angscht vrun der Pescht endlech eriwwer war – mä déi Lieweg, déi an hire stécksege Schlofzëmmere Blutt geschweesst hunn, ouni aus deer beleeërter Stad fortlafen ze kënnen."

Gabriel García Márquez

Über den Autor:

Den Albert Camus ass de 7. November 1913 a ganz klenge Verhältnësser als de Jong vun enger Spuenierin an engem Elsässer zu Mondovi an Algerien op d'Welt komm.

Vun 1933 bis 1936 huet hien op der Universitéit vun Alger Philosophie studéiert. 1934 gong hien an déi kommunistesch Partei vun Algerien an huet am Joer duerno den „Theater vun der Aarbecht" gegrënnt. 1937 huet hie mat der KP gebrach. 1938 ass säin éischten Drama ‚Caligula' entstan, deen 1945 uropgeféiert guff. 1940 ass de Camus op Paräis gaang.

Nieft sengen Dramen huet säi Roman ‚de Friemen' an den Essay ‚de Mythos vu Sisyphos' him literaresche Respekt verschaaft. 1957 krut den Albert Camus den Nobelpräiss fir Literatur. De 4. Januar 1960 ass hie bei engem Autosaccident gestuerwen.

EDITIONS SCHORTGEN

www.editions-schortgen.lu